# Schäfferotserklärung 2023 – 2029

## Urbanismus an Infrastrukturen: Schoul- a Betreiungsinfrastrukturen, erschwéngleche Wunnengsbau, Stroosseninfrastrukturen, Sportsinfrastrukturen

- Koordinéiert wuessen: mir schafe Liewensraum fir jiddereen!
- D'Ofsécherung vun eisem geuerdnete Wuesstem an d'Organisatioun vun engem harmoneschen Zesummeliewe féiert iwwer ee virsiichtegt an nohaltegt urbanistescht Konzept, d'Schafung vun erschwénglechem Wunnraum an d'Bereetstellung vu flächendeckenden Infrastrukturen.
- Gutt sozial Infrastrukture sinn d'Basis vun eiser Liewensqualitéit.
- Mir ginn dat Theema gären inklusiv an dezentraliséiert un.
- Ee partizipative Workshop mat de Bierger*innen, fir iwwer den Amenagement vun zentrale Plazen an hirer Uertschaft ze diskutéieren. D'Schafe vun engem „Shared space" a vun enger zentraler Plaz, besonnesch um Houwald ronderëm d'Kierch, gëtt iwwert déi kommend Joren an Ugréff geholl.
- D'Upassung vum PAG, do wou et méiglech ass, am Gläichgewiicht tëscht der Suerg ëm d'Ëmwelt an dem komfortabele Liewensraum fir de Mënsch.
- D'Schafung vun erschwénglechem Wunnraum an Zesummenaarbecht mat verschiddene Partner.
- Ee biergernot Developpement vun alle Projeten, dat dem Proximitéitshandel an eise lokale Betriber Rechnung dréit, fir eis Awunner mat enger attraktiver Liewensoffer un hir Gemeng ze bannen an Aarbechtsplazen an der Gemeng ze erhalen.
- Mir wäerten d'Duerfkärentwécklunge vun de 5 Uertschaften an Zesummenaarbecht mat den Awunner analyséieren an e Masterplang fir d'Zukunft vun eisen Duerfkären an der Gemeng opstellen, inklusiv „shared spaces".
- Fir dass mir lieweg Uertschafte kréien, wëlle mir Raimlechkeete bereet stellen, fir dass een Aktivitéite kann zesumme maachen a Plazen esou gestalten, dass d'Leit sech kënne wuel fillen.
- Mir stinn zum Konzept vum „urban gardening" a wëllen eng Begréngung vun eisen Uertschaften zesumme mat eise Bierger erreechen.
- Mir préiwen, wou ee kéint Surfacë kreéieren, fir dass sech kleng „Commercen" kënnen etabléieren an esou d'Liewen am Duerf valoriséieren, z.B. ënnert Form vu „Pop Up Stores" (Bau vun Infrastruktur, fir Geschäfter, Caféen, Bibliothéik, Treffpunkten,...).
- Déi permanent Maintenance an d'Erweiderung vun der sanitärer Déifbauinfrastruktur fir Kanalisatioun, Waasser an accessoirement Energie. D'Planung vun enger neier Kläranlag an den Ausbau vun der Waasserversuergung.
- Den Ëm- an den Ausbau vun der rue des Scillas um Houwald, bedéngt duerch d'Arrivée vum Tram an der Gemeng.
- De weideren Ausbau vun de Schoul- an den Encadrementsstrukturen, ë.a. um Houwald, zu Alzeng an zu Fenteng.
- Den Ausbau vun de bestoenden oder neien Aktivitéitszonen.
- D'Ëmsetzung vum „Projet Place Jomé", inklusiv Parkhaus a Lift bis op den Holleschbierg. Och hei sollen erschwéngleche Wunnraum, Fläche fir de Commerce an een neien, méi groussen „Centre Médical" entstoen.
- De Bau vun „Tiny Houses" op heifir gëeegente Plazen.
- Mir wëllen eis Gemeng nach méi attraktiv gestalten an d'Populatioun duerch eng qualitativ Kultur-, Sport- a Fräizäitoffer nach besser zerwéieren. Duerfir brauche mer adequat Infrastrukturen.
- En Déierekierfecht gëtt ugeluecht, wou eis Hausdéiere kënne begruewe ginn.
- D'Emsëtzung vu séchere Vëlos- a Spadséierweeër.
- Eng ëmweltfrëndlech Verkéiersvernetzung tëscht alle relevante Lokalitéiten an der Gemeng (wéi zum Beispill de Lift vum Holleschbierg erof an de Gemengenzentrum), fir den optimale Kontakt tëscht de Mënschen ze erméiglechen.

## Mobilitéit, Contournement, ëffentlechen Transport, Sécherheet am Verkéier

- Gutt verbonnen, flësseg, sécher, nohalteg: eis Visioun vun der Mobilitéit!
- Déi geografesch Lag direkt am Anzuchsgebitt vun der Haaptstad, huet gewëss Virdeeler, mee bréngt awer och e grousst Opkommes vum regionalen Duerchgangsverkéier

mat sech, deen zu de Spëtzestonne vun alle Säite kënnt.

- Dëse Fläschenhalsproblem huet net nëmmen en negativen Impakt op d'Liewensqualitéit, mee och op de wirtschaftlechen an ekologesche Bilan.
- Den Hesper Contournement ass scho jorelaang am Gespréich. E muss elo esou séier wéi méiglech vum Staat gebaut ginn. Als Schäfferot wäerte mir bei den zoustännegen Instanze weider mat Nodrock op de Bau vun dëser Strooss drécken.
- No der Fäerdegstellung vum Contournement wäert mam Réckbau an der Begréngung vun de groussen a breede Stroossenachsen, wéi der route de Thionville an dem Bau vum „Shared space" op Héicht vun der Place Jomé zu Hesper ugefaange ginn.
- All Verkéiersproblem ass mam Bau vun der Strooss allerdéngs net geléist. Duerfir wëlle mir op laang Siicht weiderféierend Moossnamen an Ugrëff huelen, wéi zum Beispill verkéiersberouegend Initiativen an Opfangparkingen, mat Ubannung un de Bus- a Schinnereseau.
- Et gëllt awer och elo direkt déi kommunal Mobilitéitsinfrastrukturen a Service-Offer intergenerationell, sozial an nohalteg auszeriichten, mat engem groussen Akzent op der duusser Mobilitéit.
- D'Sécherheet vun de Bierger an de Biergerinnen hirer Liewensqualitéit, mee awer och verschidden ekologesch Facteuren, wéi zum Beispill den CO2-Ausstouss an de Kaméidi, fuerderen eiser Meenung no verschidde baulech a reglementéiert Moossnamen, fir de Verkéier ze berouegen, d'Verkéierssécherheet ze garantéieren an de Verkéiersfloss oprecht ze erhalen.
- Eis Foussgängerstäife sollen iwwerpréift a besser beliicht ginn.
- D'Erweiderung vum „Carsharing" wéi och vun den E-Mobilitéitsinfrastrukturen ass wichteg fir d'Zukunft, och an eiser Gemeng. Zousätzlech Chargy- an eventuell Superchargybornë sollen installéiert ginn.
- Et soll gepréift ginn, fir z.B. Parkplaze mat Photovoltaikanlagen kënnen ze iwwerdecken.
- Fir de Vëlo ze promouvéiere gi verstäerkt Vëlosweeër geschaaft a gläichzäiteg sécher Parkméiglechkeeten (MBOX) fir de Vëlo kreéiert. Den Ausbau vun de „vel'OH!"-Statiounen ass virgesinn. Och sollen Opluedstatioune fir E-Bikes entstoen.
- Iwwerdaacht a funktionell Trottinetten- a Vëlosstänneren, besonnesch bei de Schoulen an de Bushaltestellen.
- Sécher Trottoiren an Zebrasträife fir d'Foussgänger*innen op den Haapt- a Niewenachsen, - den Ausbau vum „Séchere Schoulwee" a vum „Pedibus".
- No der Evaluatioun Enn 2023 vum initiéierte Projet „City-Bus" gëtt dat ganzt Konzept nach emol op de Leescht geholl, fir eng besser Vernetzung vun den Uertschaften an eng besser Circulatioun innerhalb vun der Gemeng sécherzestellen.
- D'Offer ronderëm de „Late Night Bus" soll weider ergänzt ginn.
- Et sollen an Zukunft verstäerkt „Eventbusser" op grouss Baler, Fester, Manifestatiounen ugebuede ginn, fir d'Leit sécher dohin an och nees zeréck ze bréngen.
- Eng besser Ubannung vum ëffentlechen Transport un déi zukünfteg „Gare périphérique" um Houwald ass wichteg.
- Virfaart fir eis Kanner a Foussgänger. An de Wunnquartiere solle Spillstroossen a „Vitesse 30 Zonen" d'Reegel ginn.
- De Bau vun engem Verkéiersgaart, fir d'Schoulkanner fit fir de Stroosseverkéier ze maachen.
- D'Iwwerschaffe vum Konzept vum „Parking résidentiel".
- Eng quartiersgerecht Entwécklung vum Houwald, am Kontext vun der Ubannung un déi nei „Gare périphérique", duerch eng nei Stroosseféierung an den Amenagement vun den néidegen Infrastrukturen.

## Kommunikatioun an Digitalisatioun

- Opmierksam, proaktiv, no bei Iech: mir erklären, wat mer maachen!
- Fir eng méi modern, transparent a biergerno Gemeng ze ginn, wëlle mir d'Gemengepublikatiounen iwwerschaffen an och verstäerkt méi digital Informatiounen un d'Bierger verschécken.
- Kee Wee soll ongenotzt bleiwen: online iwwer Internet, Facebook, Instagram, YouTube an App, iwwer déi konventionell Weeër (Reider, Versammlungen, Drockmaterial), telefonesch oder am perséinleche physesche Kontakt.
- Fir de Volet „Biergerinformatioun" och via nei Medien ze verbesseren, gëtt de Service „Kommunikatioun" verstäerkt.
- D'Wiel vun der Sprooch ass e weesentlecht Element vun der Verständlechkeet an der Inclusioun.
- D'Gemeng soll op lëtzebuergesch, franséisch, englesch a jee no Theema an Zilpublikum, wann néideg och nach an enger véierter Sprooch kloer a verifizéierbar kommunikéieren, am Respekt vun Dateschutz- a Vertraulechkeetsbestëmmungen.
- Eng dräisproocheg Websäit fir den Zougang zu alle wichtegen Dokumenter a Servicer nach méi interaktiv an attraktiv ze maachen, mat Podcasten oder dem Live Stream vun den ëffentleche Gemengerotssëtzungen.
- Eng nei „HESPER CITY APP": inklusiv, interaktiv, 24/7 zougänglech, mat Service-Informatiounen, allgemengen Aktualitéiten, engem Kalenner an engem Push Service fir dréngend Noriichten a Realzäit.
- En digitale Reider fir all Sektioun vun der Gemeng.
- Informatiounsversammlungen zu wichtegen Theemen.

Zousätzlech theematesch Online-Webinare fir all déi, déi net kënnen an de Versammlungen dobäi sinn.

- E Guichet/Accueil/Helpdesk, fir dem Bierger administrativ Prozesser einfach zougänglech ze maachen.
- Den Ausbau vun der Offer un Online-Formulairë fir Clibb a Leit.
- Eng Personalopstockung vum „Service informatique", fir een optimalen, permanente Sécherheetsmonitoring inklusiv Cybersécherheet vun allen digitale Parameteren ze garantéieren.
- D'Erweiderung vun der kommunaler Online-Service-Offer, zum Beispill mam Ausbau vun IT-Servicer fir de Schoulunterrecht.
- Déi systematesch Notzung vun der „Orga50"-Plattform, fir déi digital Interaktivitéit mat de Veräiner ze dynamiséieren.
- D'Digitaliséierung vun eiser Kommunikatioun ass onëmgänglech. Se muss sech allerdéngs op dat limitéieren, wat Sënn mécht, an de Limitte vum kommunale Spillraum, de bestoende Gesetzer an der Benotzerfrëndlechkeet.

## Natur, Ëmwelt- a Klimaschutz, Recycling

- Eis Gemeng steet fir konsequent Ëmweltpolitik! Fir eis ass de Schutz vun der Ëmwelt, der Natur an dem Klima eng kruzial Aufgab fir d'Gemeng. Si muss hire limitéierten Handlungsspillraum op eegen Initiativ oder am Verbond mat deenen nationalen Instanzen an Organisatiounen, den interkommunale Syndikater, grad ewéi och mat méigleche Privatinitiativen, voll notzen.
- Eng gutt a richteg Energieberodung ass wichteg fir d'Zukunft. Dofir wäert et verstäerkt Informatiounen an Ulafplaze bezüglech der Energieberodung fir eis Awunner ginn.
- Eng Gemeng muss awer och exemplaresch wierken, mat eegenen,  nohaltegen Infrastrukturen an Approchen. „Manner fossil, méi erneierbar", no deem Prinzip orientéiere mir eis Klimaschutzpolitik.
- D'Léisung vun der Klimaproblematik steet a fält mat der Energiefro. D'Panoplie vu Méiglechkeeten, déi mer eis wëlle ginn, ass grouss. Nieft der Verdéiwung vun der Berodung an der Sensibiliséierung vun der Populatioun, vu Klengem un, an dem Ausbau vum Primmespektrum fir erneierbar Energieprojeten,  gëtt eng Multiplikatioun vun de Fotovoltaikanlagen op de Gemengegebaier ëmgesat.
- Mir préiwen, ob eventuell kleng Wandmillen opgeriicht kënne ginn. D'Notzung vum Holz aus eise Bëscher soll verstäerkt fir d'Behëtze vu kommunale Gebaier ëmgesat ginn. Systematesch Notzung vun der Geothermie iwwer Erdwäermt, Äisspäicheren a Loftwärmepompelen.
- Akaf vun Energie bei Méiglechkeet am interregionale Kontext.
- Eng Upassung vun eisem Reglement fir privat ekologesch Initiativen ze erméiglechen.
- Mir wäerten de Gemengefuerpark weider op Elektromobilitéit ëmrëschten an de Reseau un Elektrobornen ausbauen.
- Déi energeetesch Sanéierung an d'Isoléiere vu bestoende Gemengegebaier. Den Ausbau vun der analytescher Energieverbrauchs- a Käschtekontroll iwwert den EnerCoach.
- Plange vun neien Infrastrukturen no strengen ekologesche Critèren.
- Den Natur- an Ëmweltschutz ëmfaasst eng ganz Rei vun Aspekter. Am Kader vum Natur- a vum Klimapakt wëlle mir zousätzlech Akzenter setzen a Bezuch op de Waasserschutz an d'Biodiversitéit. D'Renaturéierung vun eise Baachen a Flëss gëtt virugefouert an do, wou et néideg ass, mat Iwwerschwëmmungsschutz kombinéiert. Bei der Planung vun neie Quartieren gëtt op eng adequat Waassergestioun an op e Minimum vu Versigelung gesat. Eis Quartiere solle liewenswäert sinn andeems déi duuss Mobilitéit zousätzlech gefërdert gëtt an andeems vill Gréngflächen ugeluecht ginn, wou d'Awunner spadséiere kënne goen a wou d'Beem am Summer fir e gutt Klima duerch eng Beschattung suerge sollen.
- Zesumme mam Fieschter vun der ANF suerge mir fir eng aartgerecht Gestioun vun eise Bëscher, dëst och am Brandpräventiounskontext. Mir ergräife Moossname géint invasiv a friem Planzenaarten. D'Uplanzung vun neien, heemeschen Uebstbeem souwéi vun zousätzleche Streeblummewiesen a Staudebeeter gëtt virugefouert. Dat lokaalt Uebst a Geméis, am Kader vum Projet „Gielt Band" ubidden. De Verbuet vu genmanipuléierte Kulturen op Gemengenterrainen. D'Ëmsetzung vum Gaardeprojet „Um Kiemert" zu Izeg. Den Ausbau vu Gemeinschaftsgäert färderen. Eng insektefrëndlech Buedemgestioun mam Verzicht op Insektiziden, Fungiziden an Herbiziden. D'Ëmsetzung vun engem Bëschléierpad fir Kanner. D'Konsolidéierung vun Hesper als agrarfrëndlech Gemeng duerch  eng optimal Landschaftspfleeg an d'Produktioun vu gesonden a qualitative Produkter. Eng gesond Ernierung, besonnesch an de „Maisons Relais", an deene Fairtrade, Bioprodukter a lokal-regional Produkter solle prioritär proposéiert ginn. Den Anti-Gaspi soll an eise Kantinne weider gefërdert ginn duerch eng verstäerkt Sensibiliséierung an duerch en erweidert Notze vun den Iessensreschter.
- Eisen Oeko-Center soll nach méi attraktiv Sammelstatioune fir nach méi spezifeschen Offall ubidden an d'Informatioune ronderëm de Sujet „Offall" gi fir de Bierger verstäerkt.
- Den Oeko-Center als Ressourcenzenter ass déi richteg

Ulafstell fir d'Weiderverwäertung vun all Zort vu Materialien. Mir setzen e System fir d'Weiderverwäertung vun agesammelten Zigarettestëmp ëm. Den Offalltaxsystem gëtt reforméiert un Hand vu gechippten Dreckskëschten, esou datt de Gesamtrecycling zousätzlech gesteigert ka ginn, fräi nom Prinzip, wie méi recycléiert, bezilt och herno manner beim Reschtoffall. D'Aféierung vum obligatoreschen, systemateschen Triage an allen ëffentleche Gebaier.

- Eng nei „Kommissioun fir den Erhalt vun de Ressourcen – ReUse", an där Analysen an Avisen ausgeschafft kënne ginn, wäert an d'Liewe geruff ginn.
- Ausbau vum Triage bei Manifestatiounen an an den Appartementshaiser.
- Monitoring vum Drénkwaasser an der Loftqualitéit.

## Kultur, Sport, Fräizäit an Tourismus

- Den Ausbau a gläichzäiteg d'Dezentraliséirung bei Kultur- a Sportinfrastrukture sinn en Deel vun der Zukunftsgestaltung vun eiser Gemeng. Et gëtt gepréift, wou et Sënn ergëtt, dezentral Antenne vun Angeboter unzebidden.
- Mir wëllen d'Kultur-, d'Sport- an d' Fräizäitoffer, iwwer all Generatiounen a Kulturen ewech, esou gestalten, dass se d'Mënschen an eiser Gemeng zesummebréngt.
- Den Zougang zu Kultur, Sport a Fräizäitméiglechkeete gëtt iwwert déi ganz Gemeng ausgebaut. Dat gëllt esouwuel fir d'Infrastrukture wéi och fir déi konkret Aktivitéitepallett. Mir gesinn natierlech d'Gemeng, awer och eis Veräiner, grad ewéi déi eng oder aner Privatinitiativ, an der aktiver Roll, fir dëst Ziel ze erreechen.
- Fir eng besser Ënnerstëtzung vun eise Veräiner ze assuréieren an ze koordinéiere soll en „Service des Sports" genee esou wéi en „Service culturel" opgebaut ginn.
- D'Schafe vun neien „Lieux de rencontre" uechter all eisen Dierfer muss absolut Prioritéit kréien, esou datt d'Awunner sech op flotte Plaze kënnen treffen, sech kënnen austauschen, a wou och d'Integratioun soll virgelieft ginn.
- Eis Spillplazen an Treffpunkte gi weiderentwéckelt mat Beem, déi am Summer Schied spenden. Nei Picknickplaze kënnen an eise Parkanlagen ugeluecht ginn. Multisportanlagen, wou d'Kanner an déi Jugendlech sech kënnen defouléieren. Nei Hondswise sollen dës Treffpunkten ergänzen.
- Eise Camping wäert an de kommende Joren nei entwéckelt ginn mat enger méi grousser touristescher Offer. Mam Ëm- an Ausbau vum „Haus Baumert", op der Buerg, kritt eis Geschicht eng Plaz no bei der Buerg, wou Touristen a Schoulklassen d'Geschicht vun eiser Gemeng méi no bruecht solle kréien.
- Den neie Lift op den Holleschbierg gëtt duerch seng Aussichtsplattform zu enger Attraktioun. Den Amenagement vun engem „Baumwipfelpad" kann dës touristesch Offer weider ergänzen.
- Mat der Planung vun neien, grousse Sportinfrastrukture wéi enger ëffentlecher Schwämm, engem neien Tenniszenter, engem neie syntheetesche Fussballsterrain zu Izeg an den Espen an der „Mise en conformité" vum Stade Alphonse Theis, ginn an de kommende Joren eng Rei Projeten an Ugrëff geholl.
- Nei Fitnessplazen a -parcoursen uechtert déi ganz Gemeng.
- Mat der Dynamiséierung vun der Veräinsplattform „Orga50" sollen d'Veräiner nach méi Méiglechkeete kréien, fir hier Visibilitéit no baussen ze verbesseren an och déi administrativ Prozesser vereinfacht ze kréien.
- Nom Sportkoordinateur soll och e Kulturkoordinateur agestallt ginn.
- Déi generell Offer vun deene verschiddene Sportcoursë sollen do, wou et méiglech ass, dezentraliséiert ginn.
- D'Erweiderung vum Zilpublikum fir „Hesper beweegt sech", am Sënn vun enger méi grousser Inclusioun, fir och déi Kanner ze erreechen, déi net bei eis an der Gemeng scolariséiert sinn, mee hei wunnen.
- Den Ausbau vum Kultursummer a vum Wanterflair.
- Eng Rezentréierung vun der kultureller Programmatioun am CELO, esoubal deen neien, ergänzende Centre Civique zu Hesper fäerdeg ass.
- Eng generell Dezentraliséierung vun der kultureller Offer, duerch Concerten op enger Mini-Wanderbün oder Ausstellungen an allen Uertschafte vun der Gemeng.
- D'Veräiner sinn d'Bindeglidd an eiser Gesellschaft. De Benevolat kann een net oft genuch ernimmen an och ervirhiewen. Nieft modernen Infrastrukture sollen eis Veräiner och an de Genoss vun adequaten, finanziellen Hëllefen iwwert Subsiden a Logistik kommen.

## Soziales, Kanner, Jugend, Senioren a Sécherheet

- Sozial vernetzt, disponibel, solidaresch: gutt liewen an der Gemeng Hesper!
- Mir maachen iwwergräifend intergenerationell, interkulturell a responsabel Sozialpolitik.
- Eist Uleies ass et, dass net nëmme jidderee sech ugeschwat fillt an, dass jidderee matschwätze kann, mee, dass virun allem een no deem anere kuckt, mat enger besonnescher Suerg fir déi, déi eleng sinn, mat engem Handicap musse liewen oder déi sozial defavoriséiert sinn.
- Der Gemeng hir sozial Offer muss all deene Liewensmodeller Rechnung droen.
- D'Konzept vun der Spillstad „Mini Hesper" wäert fir

d'Zukunft nei opliewe gelooss ginn an zesumme mat de Kanner a Jugendlechen nees zu Hesper ëmgesat ginn. Am Kontext vun enger Abannung vun de Kanner an d'politescht Gemengeliewen, gi Konzepter vum „Zentrum fir politesch Bildung" geziilt, an Zesummenaarbecht mat de Schoulen, gefërdert.

- Fir ze ënnersträichen, dass Chancëgläichheet net egal ass, wäert eng „Egalité des chances"- Kommissioun relancéiert ginn.
- Et wäert e Konzept vu Spillplaze fir eis Uertschaften ausgeschafft gi mam Zil, allgemeng eis Spillplaze méi attraktiv ze maachen an och Kanner mat spezifesche Besoine méi Spillméiglechkeeten unzebidden.
- Flott amenagéiert a fir jidderee liicht accessibel Treffpunkte mat Poterbänke fir Jonk an Al uechter déi ganz Gemeng.
- Ee Festkalenner mat variéierte Manifestatiounen, déi all d'Leit aus der Gemeng zesummebréngen.
- Hëllefsstrukture fir defavoriséiert Matbierger: eng „Maison d'accueil" fir Fraen an Nout mat Kanner, „Betreit Wunnen" fir Jonker, den Asaz vu Streetworker um Terrain, Seniorewunnengen, behënnertegerecht Spillplazen an accessibel Gebaier fir Persoune mat ageschränkter Mobilitéit.
- Des Weidere wäert de „Projet Streetworker" evaluéiert an adaptéiert ginn, fir sou eng gutt Preventiounsaarbecht ze leeschten.
- Et ass extreem wichteg, eiser Jugend eng laangfristeg Perspektiv an eiser Gemeng ze ginn; dozou gehéiert eng proaktiv Gestaltung vun der Jugendaarbecht ronderëm d'Jugendhaus, mam Zil, fir och déi jonk Leit ze erreechen, déi net zu Hesper scolariséiert sinn.
- Eng geziilten Informatioun iwwer de Jugend-Guide an Theemekonferenzen.
- Eng Virbereedung op d'Beruffsliewen duerch Studentenjobs, Volontariat an d'Aktioun „Youth and Work".
- D'Fortféierung vum „Ronnen Dësch" fir en optimalen Dialog mat sämtlechen implizéierten Acteuren.
- An eiser Gemeng sollen d'Senioren op eng villfälteg, interessant, intergenerationell an interkulturell Offer vun Infrastrukturen an Initiative kënnen zeréckgräifen, fir hiert Liewen aktiv, bequeem a sécher ze gestalten.
- D'Erweiderung vun der Offer u Betreiung am CIPA um Houwald.
- Diversifizéierung vun der Palett u Fräizäitaktivitéiten am Clubhaus „Am Säitert".
- Eng konsequent Informatiounspolitik iwwer de „Guide-Senior", theematesch Informatiounsversammlungen oder Broschüren, déi och am „Centre Médical" ausgeluecht kënne ginn, fir déi Leit, déi méi isoléiert sinn, ze erreechen.
- Eng konsequent praktesch Liewenshëllef duerch de CIGL, den Téléalarm an d'Noperschaftsapp HOPLR.
- D'Fërderung vun enger koordinéierter Zesummenaarbecht mat allen aneren Acteuren aus dem Secteur.
- Gesondheet a Sécherheet sinn zwee wesentlech Parametere fir gutt Liewensqualitéit a Wuelbefannen.
- Et ass d'Aufgab vun der Gemeng, fir dës zwee Facteuren esou ze gestalten an ze organiséieren, dass d'Gesondheetsversuergung geséchert ass a gefërdert gëtt, an dass d'Sécherheetsgefill objektiv a subjektiv garantéiert gëtt.
- D'Erweiderung vun der spezialiséierter, medezinescher Offer am Kader vun de „Centres Médicaux", grad ewéi d'Ofsécherung vun enger anstänneger, allgemenger Gesondheetsoffer an der Gemeng.
- D'Fërderung vun enger aktiver Fräizäitoffer, déi d'Gesondheet ënnerstëtzt, duerch Vëlospisten, Fitnessparcoursen a -plazen, Trëppelweeër.
- D'Organisatioun vun Éischt-Hëllef-Coursen (Basis a „Santé mentale").
- D'Erhalung vun de Sécherheetsorganer an der Gemeng: Police a CGDIS.
- D'Ëmgestaltung vum „Service des Agents municipaux" an en „Service de proximité", wat eng méi grouss Präsenz vun den Agenten um Terrain mat sech bréngt, fir besser géint kleng Incivilitéite kënne virzegoen.